



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Finances

REÇU  
Par Alf Christian, 13:56, 20/11/2020

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 835x20858

Luxembourg, le 19 novembre 2020

**Concerne :** Question parlementaire n° 3006 du 20 octobre 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser et de Monsieur le Député Fred Keup concernant la prime de risque des douaniers

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA



**Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, a vum Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Ufro n°3006 vun den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser a Fred Keup**

Déi honorabel Deputéiert ginn an hirer parlamentarescher Ufro op d'Prime de risque vun den Douanesbeamten an. Si stelle fest, dass d'Beamte vun der Douanesverwaltung eng Prime de risque vun 10 Punkte kréien an zum Beispill d'Beamten aus der Gehälter-Kategorie C vun der Police eng Prime de risque vu 35 Punkte kréien. D'Douanesbeamte wieren och genau esou ewéi d'Police dem Risiko vu kierperlechen Aggressiounen ausgesetzt.

Als éischt wéilte mir drop hiweisen, dass déi Prime vu 35 Punkten, déi d'Beamten aus der Gehälter-Kategorie C vun der Police kréien, keng Prime de risque ass, mee eng Prime de régime militaire. Dës Prime huet an der Vergaangenheet verschidde Primen ersat, dorënner d'Prime de vélo, d'Prime pour fêter dignement la fête nationale an och d'Prime de risque. Et kann een déi zwou Primen also net einfach esou vergläichen.

Den 22. September 2020 huet d'Douanesgewerkschaft eng Streikprozedur an d'Weeër geleet andeems se d'Madamm Presidentin vun der Commission de Conciliation mat enger Demande saiséiert huet, wou et ëm dëst Thema geet. De Regierungsrot huet de 6. November 2020 d'Zesummesetzung vun der Delegatioun, déi d'Regierung vertrieede soll, decidéiert. An den nächste Woche wäerte sech also d'Douanesgewerkschaft an déi Delegatioun vun der Regierung am Kader vun där Conciliatioun gesinn.

Well mir deene Gespréicher net virgräife kënnen, kënnen mir den honorabelen Deputéierten zu dësem Zäitpunkt keng weider Informatiounen dozou ginn.